N°780
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE a vum Här Inneminister Léon GLODEN zu der parlamentarescher Fro n°780 vum 22. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Ben POLIDORI iwwer dat geplangten EU-Reglement vun der Kommissioun fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen**

Ad 1)

D'Regierung war an der Reunioun vum Aarbechtsgrupp vum 24. Mee 2024 duerch d'Représentation permanente vu Lëtzebuerg bei der Europäescher Unioun vertrueden.

Ad 2) bis 5)

En effektive Kampf géint de sexuelle Mëssbrauch a sexuell Ausbeutung vu Kanner ass fir d'Regierung eng Prioritéit. Fir méi konsequent kënnen dergéint virzegoen, ënnerstëtzt d'Regierung d'Ustrengunge fir um Niveau vun der Europäescher Unioun d'Gesetzgebung ze stäerken, esouwuel wat d'Detektioun, de Signalement, d'Blockéieren ewéi och d'Läsche vu kannerpornographeschem Material um Internet ugeet.

Esou wéi scho vun der viregter Regierung an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°7956 vum 3. Mee 2023 an n°8350 vum 26. September 2023 uginn, hält och dës Regierung un der Wichtegkeet fest, dass dobäi essentiel Grondrechter vun de Bierger garantéiert bleiwen, an dass dat proposéiert Reglement d'EU-Recht, ënner anerem de Proportionalitéitsprinzip, respektéiere muss. Genau wéi et de Service juridique vum EU-Conseil a sengem Avis iwwer d'Legalitéit vun der sougenannter "Chatkontroll" recommandéiert, ass d'Regierung fir eng méi cibléiert Detektioun vu pedopornographeschem Material a Grooming a fir d'Vermeide vun enger genereller Iwwerwaachung.

D'Regierung begréisst an deem Sënn déi proposéiert Ännerungen, wéi zum Beispill d'Kategorisatioun vun de Risiken duerch eng definéiert Methodologie oder d'Limitatioun vun de sougenannten „detection orders" op visuelle Contenu an op Internetadressen (*URL - Uniform Resource Locator*).

Allerdéngs bleift d'Regierung der Meenung, dass déi proposéiert Modifikatioune vum Text, ënner aneren d'„Uploadmoderation", déi en Deel vun engem „Client-Side Scanning" duerstellt, net de Risiko vun enger genereller Iwwerwaachung reduzéieren an och de Krittär vun der Proportionalitéit aus der Charta vun de Grondrechter vun der EU net erfëllen. Den Dispositif schléisst nämlech nach ëmmer net aus, dass d'Kommunikatioune vun all de Benotzer vun engem Service, och vun deenen déi iwwerhaapt kee Lien mat der Strofdot hunn, kënne gescannt ginn.

Aus deene Grënn kann d'Regierung den Text, esou wéi en aktuell virläit, nach ëmmer net matdroen.

Lëtzebuerg, den 24 Juni 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue